

# Ëmstridden EU-Copyright-Direktiv soll nach dëst Joer ëmgesat ginn

Vum Ryck Thill (Video) | Update: 01.02.2021 21:05

**Dës Direktiv huet d'Zil, fir d'Droits d'auteur nei ze reegelen an un d'digital Gesellschaft unzepassen.**

Nach dëst Joer soll d'EU-Copyright-Direktive zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn. Den Text gouf 2019 am Europaparlament gestëmmt an huet fir vill Kritik gesuergt. Dowéinst huet de Chaos Computer Club Lëtzebuerg elo e Positionspabeier ausgeschafft, wou si op déi positiv an negativ Konsequenze vun der Direktiv aginn.

Virun zwee Joer, sinn déi Jonk uechter ganz Europa op d'Strooss gaangen, fir géint d'Copyright-Direktiv ze manifestéieren. Virop den Artikel 13 stoung an der Kritik. Den Artikel 13 heescht elo Artikel 17, mä um Text huet wéineg geännert.

Wien aktuell zum Beispill e Video an den Internet setzt, ass selwer responsabel fir de Contenne. Matt der neier Direktiv sollen awer d'Plattform wéi Youtube oder Facebook an d'Responsabilitéit geholl ginn. Déi Plattformen wäeren da quasi forcéiert, fir en automatesche Filter anzebauen. E sougenannten Upload-Filter, deen erkennt, wa géint de Copyright verstouss gëtt. Esou Upload-Filtere géingen awer dacks de Kontext net erkennen an esouguer Videoe blockéieren, déi net géint d'Droits d'auteur verstoussen, kritiséiert de Computer Club.

Fir dat z'evitéieren, kéint de Chaos Computer Club sech virstellen, datt déi grouss Internet-Plattformen an Zukunft Lizenze bezuelen. Eng sougenannte Kulturflatrate wär scho méi laang am Gespréich.

De Positionspabeier huet de Chaos Computer Club un all d'Parteien verschéckt. Den Text ass och online um Internetsite [copyrightreform.lu](https://copyrightreform.lu) ze fannen.

